

Dikrech – eng Stad am Mëttelalter

Michel PAULY

Här Chamberpresident,
Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot,
Léif Dikrecher Leit,
Dir Dammen an Hären,
Léif Frënn a Kollegen,

Ech erënnere mech nach mat grousser Freed un Är Feierlechkeete fir Nationalfeierdag zu Dikrech, wou Der mer d'Éier gemaach hat, mech z'invitéiere fir virum Grand-Duc an der Grande-Duchesse e puer Wuert iwwert 750 Joer Stadfräiheet zu Dikrech ze soen. Ech hat lech versprach, haut e puer Äntwertpisten op déi Froen unzedeiten, déi ech deemools opgeworf hat. E gudden lesel stéisst sech nëmmen eng Kéier. Ech wär also kee gudden Dikrecher, well ech wäert mech haut wuel eng zweet Kéier stoussen. Mä onse Recteur sot emol, engem Forscher wär et och erlaabt ze scheitern, keng Äntwert op seng Fro ze fannen. Dat wär kee Beweis, dass de Forscher näischt daacht oder seng Fro falsch gestallt hätt. Ech fäerten, Dir erlieft haut esou e Beispill. Mä ech hoffen, Dir gesitt un deem Beispill awer, wéi d'historesch Fuerschung haut virgeet a firwat se keng Äntwert op bestëmmte Froe fënnt, och wann en etlech Virgänger ouni ze zécken op di selwecht Froen eng Äntwert ginn hunn.

Ech soll lech also haut eppes iwwert Dikrech als Stad am Mëttelalter soen. Déi éischt Fro déi sech do stellt, ass: Wor Dikrech dann iwwerhaupt am Mëttelalter eng Stad? Wat ass eng Stad am Mëttelalter? Mä dat ass vläicht di liichtste Fro, ob déi lech haut sécher eng Äntwert wäert ginn, och wann s'lech vläicht net all gefällt. Ech hunn awer nach eng ganz Rutsch aner Froen, op déi ech net su liicht eng Äntwert fonnt hunn:

1. Wou kënnt de Numm Dikrech hir? An domat verbonnen ass d'Fro: Säit wéini gëtt et déi Uertschaft, säit wéini wunnen do Leit? Eng Äntwert op déi Fro sichen ech haut net, well se wéineg mam Stadcharakter vun Dikrech ze dinn huet an ons an dat ganz fréit Mëttelalter féiere géif, wou ech manner dohem sinn an d'Archäologen nach net all hir Geheimnisser verrodde hunn.

Di zweet Fro hänkt mat Äre Feierlechkeete vun dësem Joer zesummen. Dir feiert 750 Joer fräit Dikrech. Ech hat lech schon um Nationalfeierdag gesot, dass ech net weess, wéi een deem Datum kënnt historesch legitiméieren. Meng zweet Fro ass also: Säit wéini ass Dikrech fräi?

Di drëtt Fro bezitt sech op d'Plaz vun Dikrech an der deemoleger Grofschaft Lëtzebuerg. Et heescht, Dikrech wär eng ‚Markvogtei‘ gewiescht. Wat heescht dat? A säit wéini ass et dat?

Ech hunn och nach Froen iwwert d'Gréisst vun Dikrech am Mëttelalter: Wou stoungen seng Stadmauern? Wéini goufen se gebaut? asw. Mä leider hu Der d'Archäologen invitéiert, eréischt a 14 Deeg ze schwätzen, sou dass ech hir Resultater net kennen a mech duerfir léiwer net op deem Terrain aventurieren, well do schéngt mer och nach laang net alles kloer.

Komme mer also zur éischter Fro: Wor Dikrech am Mëttelalter eng Stad?

Mä Léiermeeschter, de Professor Irsigler vun der Uni Tréier, gëtt dës Definitioun vun enger Stad:

Die Stadt des Mittelalters ist „eine vom Dorf und nichtagrarischen Einzwecksiedlungen unterschiedene Siedlung relativer Größe mit verdichteter, gegliederter Bevölkerung, Selbstverwaltungsorganen, einer auf Gemeindeformen aufbauenden, freie Lebens- und Arbeitsformen sichernden Rechtsordnung sowie zen-

tralen Funktionen politisch-herrschaftlich-militärischer, wirtschaftlicher und kultisch-kultureller Art für eine bestimmte Region oder regionale Bevölkerung.“

I.

Kucke mer also, ob oder vu wéini un Dikrech déi Kritären erfëllt. Ass Dikrech keen Duerf méi? Wunnen do net nëmme Bauere mat e puer Handwierker, déi op agrartechnesch Handwierksgeschir spezialiséiert woren?

Eng éischt Äntwert fanne mer am Urbar vun 1311, d.h. an deem Regëster, wou de Grof vu Lëtzebuerg säin Akommes aus deene verschidde Uertschaften, déi a sengem Besëtz woren, opschreiwelooss huet. Fir d'Joer 1312 erwaart de Grof zu Dikrech:

vum Nénngten: 15 Malter Weess a 15 Malter Huewer (Dat bedeit niewebäi gesot, dass d'Dräifelderwirtschaft fonctionnéiert huet, d.h. dass op engem Drëttel Land Wanterkären ugeséint gi sinn, nämlech Weess, an op engem Drëttel Huewer, deen eréischt am Fréijoer ausgeséint gouf, an dat 3. Drëttel brooch leie blouf.)

Desweidere bezuelen se vun den lewen (*fours*) 5 Malter Weess a 5 Malter Roggen, vun de Millen 6 Malter Weess an 8 Malter Roggen, a vum klengen Uewen 3 Malter Roggen.

Déi Abgaben deiten drop hin, dass zu Dikrech nach haaptsächlech Landwirtschaft bedriwwen gouf. Eng Kappsteuer, en,denier du feu, a Stänn vun Händler, op deenen eng Taxe hätt misse bezuelt ginn, wéi an der Stad Lëtzebuerg, gi net genannt. Et gesäit am Ufank vum 14. Jorhonnert nach schlecht aus ëm de Stadcharakter vun Dikrech. Och dee Schmatt vun Dikrech, deen 1266 vum Här vun Esch-Sauer dem Grof vu Lëtzebuerg geschenkt gouf, ass kee Beweis fir urban Liewen, well dat ass e Beruff, deen et och op Dierfer gouf. Et ass iwwerengs e schéint Beispill dat weist, dass net nëmme Baueren onfräi waren, „Leibeigener“ wéi se an de Schoulbicher genannt ginn, mä och Handwierker.

Am Kontebuch vun 1380–81 ginn zu Dikrech awer 8 Sous bezuelt vun den *estaulz*, de Verkafsstänn. Dat deit drop hin, dass an Tëschenzäit e Commerce entstan ass, vläicht e Maart existéiert. Donieft gi vun der Mille 4 Frang a vum Uewen zweemol am Joer je 4 Malter an 2 ½ Sieschter (*bichet*) Roggen a Weess a Geldform bezuelt. An da liwweren di Dikrecher och nach 10 Ohm Wäin no Dikrecher Mooss, dat woren 9 Ohm a 4 Sieschter no Lëtzebuenger Mooss, also eppes méi wi annerhalleft Fudder, an eng 100 Hénger. Dat alles kléngt nach net no Stieds mä éischer no Baueren a Wénzer.

II.

Dat Kontebuch erlaabt ons awer och, kuerz eppes zur Bevëlkerungsdicht ze soen, deen 2. Kritär aus onser Definitioun. Am Kontebuch ass nämlech och eng éischte Kéier eng Recette vun den „deniers de feulz“, dem Herdpenneg, beluecht: fir Liichtmëssdag a fir Gehaansdag 1381 sinn dat all Kéier 6 Pond an 10 Sous. Leider kenne mer den Tarif net. Wann et schon dee selwechten Tarif war wéi 1473, da kéim een op 22 Stéit, di Steiere bezuelt hunn.

Eng ähnlech Quell gëtt et leider eréischt nees fir 1473. Do heescht et, *Dickerke la ville* hätt 58 Pont 16 Sous bezuelt an do géifen 98 Stéit wunnen, an dat Joer drop woren et 100 Stéit déi 50 Ecus bezuelt hunn, 1495 nëmme nach 75. Wann een am Schnëtt vu 5 Leit am Stot ausgeet, sinn dat gutt 500 Awunner, well aarm Leit, de Klerus a verschidde Beamten hunn déi Taxe net musse bezuelen. Am leschte Véierel vum 15. Jorhonnert kéint een also schon éischer vun engem Stiedche schwätzen, jiddefalls am Verglach mat den Dierfer ronderëm: zu Ettelbréck goufen 39 Stéit gezielt, zu Gilsdref 20, zu lerpeldeng 27, zu Angelduerf 11, zu Bettenduerf 48 Stéit.

Mä d'Awunnerzuel ass kee Kritär, deen aus engem Duerf eng Stad géif man. Iwwert eng sozial Schichtung, deen eigentleche Kritär, deen ënnert aneren eng Uertschaft zur Stad mécht, wësse mer leider näischt.

III.

Deen drëtte Kritär, dee de Franz Irsigler nennt, ass dee vun fenger Verwaltungsautonomie a vun engem Stadrecht, dat den Awunner perséinlech Fräiheet garantéiert, am Ënnerscheid zu ville Baueren an Handwierker um Duerf, déi, wi mer elo grad gesinn hunn, nach onfräi waren, hirem Grond- a Leifhär mat Kierper a Séil gehéiert hunn, och wann et keng Sklave méi waren. Domat stellt sech d’Fro, wéini dann Dikrech e Fräiheetsbréif kritt huet. Awer virdu misste mer wësse, weem dann Dikrech iwverhaupt gehéiert huet.

Am Dezember 1221 deelen sech de Robert, Här vun Esch-Sauer, an de Walram vu Limburg, Grof vu Lëtzebuerg, der Ermesinde hiren zweete Mann, d’Gericht am Dall vun Dikrech: *iurisdictionem sive iusticiam comitie de valle de Diekirke*. Di zwee sinn sech eens ginn, dass jiddereen d’Halschent vun de Recette kréie soll, dass keen ouni deem aneren säin Accord engem vu senger Leit eng Strof noléisst. Bei där Geleeënheet seet de Robert, hien hätt dat Gericht ongedeelt vu sengem Papp a sengen anere Virfahre geierft. Duerfir hält och hie weiderhin de *placitus of*, de *Plaid*, d’Gedingversammlung, d.h. d’Gerichtsversammlung un där all erwuesse Männer hu missen deeluelen. Dem Grof vu Lëtzebuerg säi Verrieder muss just mat derbäi sinn. Dee gëtt als balliwus (*bailli* op Franséisch) bezeechent, e Begrëff, deen éischter am Loutréngesch am Gebrauch wor. De Schreier schéngt also aus deem Raum ze stamen. De Robert nennt de Walram och *dominus meus*, säin Här: e schéngt also säi Vasall gewiescht ze sinn.

45 Joer mi spéit, den 8. August 1266, iwverléisst de Joffroi, dem Robert säin zweete Jong, dem Grof Hari V. vu Lëtzebuerg di ganz Jurisdiktioon zu Dikrech, mat Zoustëmmung vu sengem Lehns-här, dem Herzog Ferry vu Loutréngen. Wou dat Lehnsverhältnis tëscht Esch-Sauer a Loutréngen fir d’Gerichtsrechter am Dall Dikrech hirkënnt, bleift z’analyséieren. De Ferdinand Pauly suggeréiert, di Escher Hären hätten et dem Herzog vu Loutréngen opgedroen, fir mat senger Hëllef dem Grof vu Lëtzebuerg ze widderstoen, deen Drock gemaach huet, fir och de Rescht vun Dikrech ze kréien. Tatsaach ass, dass dem Joffroi säi Papp a säin eelste Brudder Henri schon 1251 dem Herzog vu Loutréngen de Vasalleneed geschwuer hate fir Gidder, déi se zu Biissen kaf haten. Si haten de Grof vu Lëtzebuerg ausdrécklech ausgeholl vun hirem Schwuer. Ausserdeem woren se zu Conflans-en-Jarnisy begiddert, wou se wahrscheinlech de Bëscheef vu Metz hire Besetz usurpéiert haten. Vlächht hunn se sech dofir misse su gutt hale mam Herzog vu Loutréngen.

Wéi di Escher un Dikrech komm sinn, ass leider net bekannt. De Ferdinand Pauly mengt, de Fridelo vun Esch-Sauer, deen am 11. Jorhonnert der Abtei lechternach hiren *advocatus, avoué*, Vogt, war, an dee net nëmmen an lechternacher Quellen, mä och zu Malmédy an zu Léck als raue Brudder bekannt war, hätt, wi su muenche vu senger Kollegen, vu senger Funktioon als Vogt profitéiert, fir sech lechternacher Besëtz ronderëm Dikrech ënnert de Nol ze rappen. Tatsaach ass, dass d’Abtei lechternach effektiv Gidder an der Dikrecher Géigend hat an dass de Fridelo tëscht 1051 an 1059 als Vogt vun der Abtei ofgesat gouf. Dass zu deenen Usurpatiounen, déi en sech zu schëlle komme gelooss hat, och Dikrech gehéiert huet, bleift awer just eng Hypothes.

D’Fro vun där mer ausgang sinn, ass déi, ween da wuel Dikrech e Fräiheetsbréif verschaf huet. Schon den Här vun Esch-Sauer, also virun 1266, oder eréischt de Grof vu Lëtzebuerg, a wann dëse, wéini?

De Nicolas Van Werveke an de Jos Herr mengen, d’Fräiheet kënnt eréischt no 1252 den Dikrecher geschenkt gi sinn, well dass d’Uertschaft 1312 de Nénngte bezilt, wär e Beweis, dass se nom Recht vu Gréiwemaacher befreit gi wär a vun deem Moment u wär Dikrech och eng Stad. An där Iwwerleeung leie menger Meenung no dräi Denkfeeler. Éischtens: Wann d’Fräiheetscharte vu Maacher aus dem Joer 1252 nach erhalen ass, ass dat kee Beweis, dass se déi eelst ass, déi vun deem Typ wär. Dikrech kënnt also reng theoretesch scho virun 1252 esou eng Charte kritt hunn. Zweetens: Et wär komesch, wann den Här vun Esch-Sauer un engem Befreiungsakt fir Dikrech bedeelegt gewiescht wir. Dat misst een awer

unhuelen, wann ee wéi de Buergermeeschter Jos Herr dat Datum *ex cathedra* op 1260 festleet, also éier de Grof vu Lëtzebuerg et ganz a senger Hand hat. An dréttens: Och Gréiwemaacher ass 1252 nach keng Stad. Jo, e Fräiheetsbréif ass ni e Beweis fir den urbane Charakter vun enger Uertschaft. Ech kënn lech der eng sëllegen opzielen, déi e Fräiheetsbréif kruten an awer Dierfer bliwwen sinn. Dee Feeler hat och de Camille Joset a sengem Buch iwwert „Les villes au pays de Luxembourg“ gemaach an bis 1383 iwwert 200 Stied am Herzogtum Lëtzebuerg gezielt. Op menger Kaart gesi Der, watfer Uertschaften bis 1350 dee Privileg kruten a mer sinn ons schnell eens, dass dat net elauter Stied waren.

De van Werveke huet och als éischte behaupt, all Uertschaft, déi dem Urbar vun 1311–12 no de Nénge misst bezuelen, wär nom Maacher Recht befreit gewiescht. Dat schéngt mir net esou kloer, well an der Charte vun 1252 goufen di Maacher Leit net nëmmen obligéiert vu Fruucht an Drauwen de Nénge un de Grof ofzeféieren, mä si hunn och misse fir hir Fräiheet all Joers vun all Haus 14 Penne Kappsteier an e Kapaun bezuelen. War dat net éischter de Präis vun hirer Fräiheet? Grad wéi di Stater hunn se da nach misse beim Ritterschlag vum eelste Jong oder bei der Hochzäit vun der eelster Duechter eng Extrasteier bezuelen. An si hunn an Zukunft misse, wéi all fräi Bierger, e Kontingent Männer a Waffen zur Verfügung stellen, wann de Grof an de Krich gezunn ass. Mir hu gesinn, dass déi Kappsteier eréischt 1381 an den herzogleche Kontebicher opdaucht. D'bieterlech Fräiheet just um Bezuele vum Nénge festzeman, schéngt mer dach e bëssche mince.

Wann ech awer liesen, dass d' Stad eng Mauer kritt huet, dass se am 16. Jorhonnert eng Dosen Armbrustschützen huet misse stellen, dass et an der Sigelëmschreift heescht *s. libertatis in dikirchen* + an am Bild de Wope vun de Grofen z'erkennen ass, da fillen ech mech éischter u Stied wéi Marche oder LaRoche an eventuell Dudeldorf erënnert, déi vum Jang de Blannen e Fräiheetsbréif kritt hunn an am Géigenzuch hu missen hir Verdedegung selwer an de Grapp huelen. De Joset schwätzt do vum Ardennerrecht; ech soe léiwer Stadrecht vum Typ Jang-de-Blannen. Jiddefalls schéngt et mer kloer, dass de Grof vu Lëtzebuerg a net den Här vun Esch-Sauer den Dikrecher d'Fräiheet ginn huet – dat geet kloer aus dem Sigel mam Grofewopen ervir – an am wahrscheinlechste, fannen ech, wär dat ënnert dem Jang de Blanne geschitt. Mä déi Hypothese berout op engem puren Analogieargument.

Et bleift eng aner Méiglechkeet, den Ufank vun der Dikrecher Stadfräiheet ze bestëmmen. Vu wéini un hat se „Selbstverwaltungsorganer“? Sécher virun 1378, wou de Stadsigel eng éischte Kéier genannt gëtt. Mä et gëtt en aneren Hiwäis, dee méi fréi datéiert a komescherweis vun den Dikrecher Lokalhistoriker net beuecht ginn ass. An enger Charte vum 11. Dezember 1330 befreit de Jang de Blannen de Hari vu Bettenduerf mat senger Leit a Gidder an enger Millen zu Bettenduerf, déi bis elo zum *judicium in Diekirchen quod vulgariter hondelingh dicitur* gehéiert hunn. E befreit *se a iudicio seu iurisdictione scabinorum dicti oppidi in Diekirchen*, an zwar fir all zivilrechtlech Affären, awer net fir strofrechtlech Saachen, fir déi se sech weiderhi viru senger Ministeriale musse verantworten. Dat heescht fir mech, dass Bettenduerf zum Dikrecher Geding gehéiert huet, engem ale, regionale Geriichtsbezierk, dass méttlerweil awer d' Stad Dikrech – si gëtt hei eng éischte Kéier och als oppidum bezeechent – aus deem Geriichtsbezierk erausgeholl, eximéiert ginn ass, well se e fräie Bezierk gouf an en eegent Geriicht mat (siwe) Schäfte kritt huet. Den Här vu Bettenduerf wëllt sech an senger Leit awer net deem Dikrecher Stadgeriicht ënnerstellen a kritt dofir 1330 déi zivilrechtlech Autonomie. Dat géif drop hindeiten, dass déi nei juristesche Verhältnissen nach net ganz al sinn, also ënnert dem Jang de Blanne kënnen agefouert gi sinn.

Wa mer domat e staark Argument, wann och kee Beweis hunn, dass Dikrech ënnert dem Jang de Blannen, wann net duerch de Jang de Blannen eng autonom Verwaltung hat, da muss ech awer nach eng Kéier betounen, dass dat eleng net duergeet fir eng Stad ze definéieren.

IV.

Komme mer also nach op di lescht Kritären aus dem Franz Irsigler senger Definitioun ze schwätzen. Hei geet et ëm d'Funktiounen, déi eng Uertschaft fir di eegen Awunner a fir déi aus der Ëmgéigend ausübt. Mir schwätze vun Zentralfunktiounen, déi also eng Stad am Ënnerscheed zu engem Duerf och fir Mënschen ubitt, déi net an der Stad selwer wunnen. Ëmgedréit zitt d'Stad och Leeschtungen aus dem Ëmland un, déi fir hir eegen Entwécklung vu Wichtegkeet sinn. Als Beispill huelen ech e Spidol: E Spidol übt eng zentral Funktioun aus, well et net nëmme fir d'Awunner vun der Stad mä och fir déi vun den Dierfer an eventuell vu klengere Stied ronderëm do ass. Mä et leeft och vun de Liwwerungen aus der Landwirtschaft an dem Wäibau aus den Dierfer ronderëm. D'Bedeutung vun enger Stad hänkt manner vum Radius of, an deem se sou zentral Funktiounen ubitt, wéi vun der Zuel vun Zentralfunktiounen, déi se ausübt.

Wéi gesäit et domat am Fall vun Dikrech viru 1500 aus?

Eng zentral Funktioun huet Dikrech vun Ufank un. Si gëtt schon a sengem Numm ugekënnegt. Et gëtt do eng Kierch, mat grousser Wahrscheinlechkeet säit dem 7. Jorhonnert eng Dakierch, an déi d'Chrëschten aus der ganzer Regioun komme fir sech deefen ze loossen. Spéitstens 1326 ass Dikrech och Porzentrum, huet eng Porkierch mat engem eegene permanente Paschtouer.

Aus der Charte vun Dezember 1221, vun där mer scho geschwat hunn, geet ervir, dass zu Dikrech och e Geriicht funktionéiert huet, dat fir dat ganz Dall zoustänneg war. Dat gouf ons nach eng Kéier an där Charte vun 1330 bestätegt.

E Maart wär eng wirtschaftlech Zentralfunktioun. D'Existenz vun enger Foire, déi all Joers op Gertrudendag, also de 17. Mäerz, an der Faaschtzäit, ofgehale gouf, ass leider eréischt 1501 schrëftlech beluecht. Deemools froen déi Dikrecher beim Ärzherzog Philipp dem Schéine vun Éisträich a Burgund d'Autorisatioun, fir kënnen nach véier aner Foiren z'organisieren. Si kréien dann d'Erlaabnis fir zwou neier ze schafen. Doriwweeraus dierfen s'awer och e Wochemaart ofhalen, an zwar freides. Eng Foire eleng ass kee Kritär fir eng Stad, well soss wieren och Biissen oder den Helperknapp Stied gewiescht. E Jormaart déngt éischter dem Fernhandel oder op d'mannst dem iwerrregionalen Handel. Aus dem 16.-17. Jorhonnert wësse mer z. B. dass Duchhändler vu Neufchâteau oder Neuerburg, vu Baaschtnech, vu Wolz, vu Malmédy a vu Veianen dee Jormaart besicht hunn. Mä e Wochemaart ass kloer eng wichteg Zentralfunktioun: d'Bauern aus der Ëmgéigend konnten hei regelméisseg hir Produkter ofsetzen, sief dat Liewensmëttelen oder Rohstoff fir d'Handwierk wéi Woll oder Léngen oder Hait fir ze gieren, an si konnten dat akafen, wat et um Duerf net gouf, Produkter vum Handwierk aus der Stad oder wat d'Händler vu frieme Mäert matbruecht haten an zu Dikrech weiderverkaf hunn. Interessant ass awer och deen Hiwäis an de Konte vun 1380 op en Dikrecher Mooss fir de Wäin. Gemenkerhand deit dat drop hin, dass déi Moosseenheet och anerwärts gebraucht gouf; leider hu mir awer och dofir keng Quellen. Dass esou e Wochemaart eréischt 1501 accordéiert gouf, schwätzt net fir eng fréi städtesch Entwécklung.

Gewëssen zentral Funktiounen kënnten och di puer Mille gehat hunn. Ech hunn der véier gezielt, déi ronderëm an och an Dikrech schon am 14. Jorhonnert gelaf sinn. Och wann déi Mille verschidden Häre gehéiert hunn, deiten se dach op eng gréisser Populatioun hin, di Miel gebrauch huet fir z'essen. Anersäits konnten och déi Millen Zentralfunktiounen ausüben, well d'Awunner vun den Häff an Dierfer ronderëm verpflichtet waren, an dem Här seng Bannmille muelen ze kommen. Dat selwecht gëllt fir de Bannuewen, deen am Urbar ernimmt gëtt.

Bis zum Ufank vum 14. Jorhonnert kann een also just véier Zentralfunktiounen festhalen: eng reliéis: de Porzentrum, eng administrativ: d'Geriicht fir dat ganz Sauerdall, an zwou economesch: eng Bannmille an e Bannuewen. Am Verglach dozou hat d'Stad Lëtzebuerg bis 1300 21 Zentralfunktiounen, lechternach an Arel der 13, Baaschtnech 11, Gréiwemaacher 5, Réimech a Veianen je 4. Och do kann een ëm 1300 nach kaum vu Stied schwätzen.

Spéitstens 1317 ass eng weider administrativ Zentralfunktioun nogewisen. Dat Joer gëtt de Grof vu Veianen vum Rittergeriicht vun der Grofschaft Lëtzebuerg veruerteelt, well en dem Grof sengem Seneschall seng Buerg net opgemaach hat, wou deen se gebrauch hätt. An deem Uerteel gëtt de *marfoit de Dyckkirchen* ënnert villen anere Ministerialen, also Leit am Déngscht vum Grof, zitéiert. Hie wor de 9. November 1316 derbäi, wéi den Arnold vu Pittingen, de Seneschall vun der Grofschaft Lëtzebuerg, am Numm vum Grof, dee net am Land war, de Grof vu Veianen eng zweete Kéier, a nees ëmsoss, opgefuerdert huet, him seng Buerg opzeman, wouzou en als Vasall verflucht war.

De *balliwus* aus der Charte vun 1221 heescht also 100 Joer drop *Markvogt*. Firwat, bleift e weidert Rätsel. Sécher schéngt mer, dass mat der Markvogtei en Ënnerbezirk vun der Propstei Lëtzebuerg gemengt ass, grad wéi d'Landrichterei Gréiwemaacher, déi 1290 eng éischte Kéier ernimmt gëtt, oder d'Meierei Réimech, déi 1324 als sollech opdaucht. Dass d'Grofe vu Lëtzebuerg nei gewonnen Territoiren als nei Propsteien organiséieren, ass näischt Neits. Dat ass och mat Marville geschitt, dat ënnert der Ermesinde lëtzebuergesch gouf, an de Jang de Blannen huet z. B. d'Territoire vu Mirwart a vun Orchimont, déi hie kaf hat, als eegestänneg Propsteien organiséiert. Ir et vum Grof ernannte Pröpst gouf, déi och nees ofgesat konnte ginn, woren adleg Vasallen *advocati*, *avoués*, Vögt, déi ähnlech Fonktiounen haten. De Begrëff *Markvogt* kënnt also eng Reminiscenz doru sinn. Mark bedeit Grenzgebidd. Kllassescherweis gëtt gesot, d'Grenz mat Veianen wär gemengt, déi de Jang de Blanne ganz besonnesch am A wollt behalen an dofier hätt en eng Ënnerandeelung vun der Propstei Lëtzebuerg virgeholl. Et kënnt sinn, dass schon 1266 den Hari V. de Joffroi vun Esch-Sauer gedirängelt huet, fir him Dikrech ganz z'iwwerloossen, well e just zwee Joer virdrun et fäerdeg bruecht hat, de Grof Philipp vu Veianen derzou ze bréngen, hien als Lehnshär unzeerkennen. Su ganz schéngt en ëm nach net getraut ze hunn. De Prozess géint den Hari vu Veianen deit 1317 op d'Geforen hin, déi vun do kommen, an dat selwecht Joer keeft de Jang och nach d'Buerg Falkenstein, nördlech vu Veianen.

Dass een d'Roll vum Markvogt muss op ee Niveau setze mat där vum Landriichter zu Maacher an suguer matt de Pröpst vu Lëtzebuerg, Arel, Diddenewen an Iechternach-Bitburg, gesäit ee net zescht 1399, wou en an enger Rei mat alle Pröpst opgezielt gëtt, déi de Friddensvertrag mat Bar beschwieren. D'Pröpst hu fir de Grof d'Steieren agedriwwen, souzen a sengem Numm zu Geriicht an hunn dem Grof seng Männer mobiliséiert, wann deen an de Krich gezunn ass. Et kann ee sech virstellen, dass déi Ministerialen eng Parti Leit ënnert sech haten, fir d'Aufgaben anstänneg auszuféieren. Doduerch ass natierlech déi Uertschaft, wou si hire Sëtz hate, gestärkt ginn, si gouf ëmmer méi en Zentrum vun hirem Distrikt. Och Dikrech ass also spéitstens säit 1316 Zentrum vun engem Verwaltungsënnerbezirk vun der Grofschaft Lëtzebuerg, mat alle Konsequenze fir seng zentralörtlech Roll, vun där an der Staddefinitioun Rieds ass.

Vläicht kann ee fir Dikrech och nach eng militäresch Zentralfunktioun unhuelen: Eng Stadmauer huet den Awunner vum flaache Land am Krichsfall Schutz ugebueden. Mä och hei si mer nees am Onkloren, wéini di Dikrecher Stadmauer gebaut gouf. Archäologesch ass menges Wëssens do näischt Präzises bekannt. En éischte Beleg, dass et ronderëm Dikrech eng Mauer mat Tiern a Paarte gouf, schéngt mer de Stadsigel ze bréngen, deen 1378 eng éischte Kéier genannt gëtt an op deem – op d'mannst spéider – en Tuerm z'erkennen ass. Schrëftlech ass d'Mauer 1422 beluecht, wann et heescht, di Dikrecher däerften eng Mille bannent der Mauer opriichten.

Natierlech hunn di bekannten Dikrecher Lokalhistoriker schon de Jang de Blannen als Initiateur an d'Spill bruecht. Dat gouf schon am 17. Jorhonnert behaapt: De Caspar Merian nennt souguer d'Joer 1317. Zu LaRoche oder zu Marche huet effektiv de Jang Stadprivilegien accordéiert ënnert der Conditoun, dass d'Bierger eng Mauer ronderëm hir Stad bauen an d'Verdeedegung selwer an d'Hand huelen. De Jang huet och zu Damvillers, Bitburg, Dudeldorf, Lëtzebuerg a vläicht och zu Baaschtnech, Durbuy, Kinnésmacher a Réimech d'Stadmauer bauen oder erwidere gelooss. Mä alt erëm felt esou en Text fir Dikrech.

Dat ass natierlech kee Beweis, dass et e net gouf, mä mir kënnen et awer och net mat Sécherheet behaupten. Et géif allerdéngs an dem Jang seng Politik passen, fir weider Uertschaften opzewäerten, militäresch auszerüsten an esou an d'Verdeedegung vum Territoire mat anzebannen. Fir dat z'erreechen huet e misse e Präis bezuelen. Zu Marche an zu LaRoche wor dat e sougenannte Fräiheetsbréif. Wa meng Hypothes stëmmt, kënn dat zu Dikrech och esou gewiescht sinn. Da géif fir munnech oppe Fro een an deeselwechten Text, deen ons feelt, d'Äntwert enthalen.

V.

Dir gesitt, et sinn där Hypothesen a Rätsle vill, déi um Enn iwwreg bleiwen, och wann ech mengen e Stéck méi kloer ze gesi wéi Glaesener, Olinger, Herr a aner Virgänger. Mä faasse mer zesummen, wat sécher ass. Wann een d'Quellen all zesumme hält, ginn et virun 1312 kaum Indicen déi eis géifen erlaben, Dikrech als Stad am Sënn vun engem zentralen Uert ze bezeichnen. Déi eenzeg Ausnam ass eng reliéiskultesch Zentralfunctioun, déi wuel säit dem 7. Jorhonnert am Ufank vun der Uertschaft steet. All aner Informatiounen loossen Dikrech bis an den Ufank vum 14. Jorhonnert als agraresch geprägt erschéngen. Geschwënn drop, 1316, awer daucht Dikrech an de Quellen op als Zentraluert vun enger Markvogtei, engem Ënnerbezirk vun der Propstei Lëtzebuerg, seng Kierch ass 1326 Porkierch, et huet 1330 eege Schäffchen, wahrscheinlech eng Stadmauer, spëtstens 1378 e Stadsigel, bezillt 1380/81 Kappsteier wéi all di aner fräi Stied am Land, huet Verkafsstänn an vläicht schonns e Jormaart. De Markvogt gëtt spëtstens um Enn vum Jorhonnert invitéiert, un der Versammlung vun de Landstänn deelzehuelen. Dikrech ass elo de Mëttelpunkt vun enger Landschaft, eng richtig Stad, och wann et eréischt eng 100 Awunner huet. Ech sinn also der Meenung, dass Dikrech sech am Laf vum 14. Jorhonnert zu enger klenger Stad entwéckelt huet. Di Neierungen, déi mer no 1316 an de Quellen ze faasse kréien, kënnen ganz gutt op de Jang de Blannen zréckzeféiere sinn, deen der Stad en eegent Schöffengericht gëtt, se domat aus der Gerichtsverfassung vum Grof d.h. der Propstei eraushëlt an eng autonom Verwaltung zougesteet, se duerfir awer verpflichtet, eng Kappsteier ze bezuelen an eng Mauer ronderëm d'Uertschaft ze bauen, déi se selwer muss verdeedegen, an am Krichsfall eng Dosen Armbrustschützen zur Verfügung ze stellen. A fir dat ze finanzéieren hat en hinnen och vläicht erlaabt e Jormaart z'organiséieren. Um Enn vum 15. Jorhonnert huet Dikrech iwwert 500 Awunner, kritt e Wochevaart an zwee weider Jormäert. Den Abt Bertels huet d'Stad gezeechent, wéi se um Enn vum 16. Jorhonnert ausgesinn huet.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Michel PAULY

Eng wëssenschaftlech Versioun vum Virtrag, mat alle Quellebeleger a bibliografesche Referenzen, gëtt am Laf vum Joer 2011 an der Zäitschrëft *Hémecht* publizéiert.